# Mystaria 25 - News

## Wéi kréie mir d'Portal nees un d'goen?

No enger iwwerraschender Rees an d'Zauberwelt **Mystaria** fannen d'Wëllefcher eraus: D'Portal fir zeréck heem ass futti – et feelen Energie a wichteg Stécker.

Mam Magier **Mystarius** dem **Lori**, dem **David**, dem **Pol** an de **Frida** goufen d'Wëllefcher an hier Sous-campen opgedeelt a léisen iwwer déi nächst fënnef Deeg spannend Missiounen: Waasser- an Kreativaktivitéiten, e Rallye, eng Sortie an eng Olympiade.

Nëmmen duerch **Zesummenhalt**, **Teamwork** a **vill Fantasie** ka genuch Energie gesammelt ginn, fir d'Portal nees un d'goen ze kréien – an de Wee fir zeréck heem opzemaachen.









### Fotoen vum Ukommen
















**Opruff**

**Fotoen**

Fotoen eroplueden

Hei kanns du Fotoen kucken!

**Schonn fonnt oder eppes Verluer?**

De Lost and Found ass **am Sekretariat** an der Sportshal

**Hues du eppes fir dës Zeitung?**

Wanns de en Inhalt hues: gëff en **am Sekretariat** of.

## Et gëtt kee schlecht Wieder, oder?!

**Et gëtt jo ëmmer gesot: “et gëtt kee schlecht Wieder, just schlecht Kleedung”.** D’Réiserbänner Wëllefcher haten Gëschter awer trotzdeem e bëssi Pesch op hirem Wee fir op de Mystaria. Um 16:00 soll et Reenen war gesot, du war de Reen dann awer schonn um 14:00 do. Grad op deem Moment, wou sech de Réiser Grupp op de Wee bis bei hire Busarrêt gemaach hunn. Et huet geschott an Eemeren. Panesch goufen nach iwwerall d’Raincoveren vun de Rucksäck opgespaant an d’Reejacketten ugedoen. Knapps war eng Minutt ëm waren d’Boxen all scho komplett duerchnässt. No 2 Minutten war dunn och schonn an de waasserdichteste Wanderschong eng Piscine.

De Bus, deen huet dunn natierlech och nach op sech waarde gelooss. Wou en dunn ukomm war, war en natierlech och nach rappelvoll. Déi Diddelenger Wëllefcher waren am Bus. Si haten awer Chance. Si waren nach dréchen. Et huet eng Éiwegkeet gedauert bis jiddereen sech iergendwéi an dee Bus dunn eragequëtscht huet. Op all Busarrêt dunn déi nämmlecht Choreographie: den hallwe Réiser Grupp huet nees aus dem Bus missen fir déi aner Leit aus dem Bus eraus kënnen ze loossen.

D’Verspéidung vum Bus ass natierlech iwwer de Wee dunn ëmmer méi grouss ginn. An der Stad ukomm hat de Réiser Grupp nëmmen nach 10 Minutten, fir sech vun der Gare Rocade op de Quai 1 fir den Zuch ze stressen. De Quai 1 ass natierlech och nach op der komplett anerer Säit vun der Gare. Wären hier Gesiichter net nach klitschnaas vum Reen, hätt een vum Stress d’Schweesspärelen op de Chef hire Stiere kënne gesinn.

Trotz allem ass de Réiser Grupp awer nach gutt um Mystaria ukomm. Queesch duerch hier Zelter hänke Wäschléngten déi voller naasser Kleeder sinn. **7 Schlofsäck** waren esou duerchnässt, dass d’Infra huet missen Ersatzschlofsäck ausléinen. Fir awer nach iergendeppes drechen ze hunn, huet den Noutfalltrockner misse benotzt ginn.





## Wousst de schonn? – Fakte vum Mystaria:

Samschdes, den 12.07. ware **Chef aus all de Ruddel, d’Infra-Ekipp a vill Fräiwëlleger** scho Moies fréi um Dill fir déi insgesamt **64 Schlofzelter** vun de Wëllefcher opzeriichten. Se waren esou séier, dass se deen 2. Dag deen dofir ageplangt war net méi gebraucht hunn. **B-R-A-V-O!**



## D'Wieder (meteolux)

| Montag | Dienstag | Mittwoch | Donnerstag | Freitag |
|---|---|---|---|---|
| 20 bis 22 °C | 20 bis 22 °C | 20 bis 22 °C | 18 bis 20 °C | 19 bis 21 °C |
| 15 bis 17 °C | 15 bis 17 °C | 14 bis 16 °C | 13 bis 15 °C | 14 bis 16 °C |
| Der Himmel bleibt allgemein stark bewölkt und ab dem Nachmittag sind häufig mäßige Schauer zu erwarten. | Nachts: Wolkig<br>Morgens: Leichter Regenschauer<br>Nachmittags: Wolkig<br>Abends: Wolkig | Nachts: Wolkig<br>Morgens: Wolkig<br>Nachmittags: Leichter Regen-schauer<br>Abends: Leichter Regenschauer | Nachts: Leichter Regenschauer<br>Morgens: Leichter Regenschauer<br>Nachmittags: Leichter Regen-schauer<br>Abends: Leichter Regenschauer | Nachts: Leichter Regenschauer<br>Morgens: Leichter Regenschauer<br>Nachmittags: Leichter Regen-schauer<br>Abends: Wolkig |
| 5-7 l/m² | 1-2 l/m² | 1-3 l/m² | 1-3 l/m² | 1-3 l/m² |
| Süd 10-20 km/h<br>Böen 45-55 km/h | SW 10-20 km/h<br>Böen 45-55 km/h | Süd 05-10 km/h | SW 10-20 km/h | NW 05-10 km/h |

## Witz vum Dag:

Warum können Geister so schlecht lügen?

Weil man sie leicht durchschauen kann!



Merci un eis Sponsoren: